21e séance *(Suite)*

Mardi 12 décembre 2000

Présidence

M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour *(Suite)*

5. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 *(Discussion générale - Suite)*

6. Dépôt d'un projet de loi

7. Projet de loi 4700 *(Discussion générale - Suite)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Erna Hennicot-Schoepges, M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

5. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 *(Suite)*

Discussion générale (Suite)

M. Jean Asselborn *(LSAP).*- Här Weiler, ech wollt lech just drun erënneren, a mäi Kolleeg Jeannot Krecké hat dat net bis zu Enn gesot, dass hei viru kuerzer Zäit de Statsminister op Ärer Plaz do stung a gesot huet, dass dee Communiqué, deen d'sozialistesch Fraktioun a Partei gemaach hat a Saache Feira, dass dat him gehollef huet, fir esouguer e grousse Mann wéi de Chirac an d'Knéien ze kréien a fir eis Intérêten ze verteidegen. Dat huet den Här Statsminister hei, net nëmmen duerch d'Blumm, mä riichteraus gesot. Also kann eis Positioun virun Nice nët déi falsch gewiescht sinn, an och eis Argumentatioun no Nice.

Här Weiler, ech weess net, wat Dir nach alles braucht. Dir selwer, Dir sidd dach d'Partei vun den Oeilleten, dann denkt lech déi alleguer. Mir hu Rousen. Déi sinn heiansdo e wéineg pickeg. Mä haalt op mat deene ville Blummen, déi Dir wëllt vun eis kréien.

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Här President, ech hunn d'Impressioun wéi wann d'Kolleegen op der sozialistescher Bänk net richteg verstanen hunn oder net wëlle verstoen, wat ech soe wollt. Ech hunn zu kengem Moment hir Attitude hei attackéiert. Ech hu just gesot, dass mer keng Appréciatiounen, keng positiv a keng negativ, héieren hunn. Domat schléisse mir dat of an ech kommen zum Rapport vun dem honorablen Här Graas, deem ech wëll merci soe fir dee Rapport, deen en der Chamber presentéiert huet.

Den Här Graas huet drop verzicht, fir e wëssenschaftlechen Aufsatz ze schreiwen, mä en huet a sengem voluminöse Rapport eng ganz Rei vu konkrete Problemstellungen analyséiert, détailléiert a kommentéiert. En huet eng gutt Aarbecht gemaach. En huet vill Aarbecht gemaach, an ech wëll him ausdrécklech vun dëser Plaz am Numm vun eiser Fraktioun merci soe fir dat, wat en iwwer Méint a ganz ville Sitzunge geschafft huet.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Ech kann lech een Artikel zitéiere vum Här Jean-Marie Meyer dozou, dee just de Contraire seet. Et ass ee vun Äre fréieren Artisten.

(Interruptions diverses)

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Ech wëll den ausdréckleche Merci vun der CSV-Fraktioun fir dëse Rapport bréngen.

De Budget an och de Rapport vun der Finanzkommissioun sinn e Spigelbild vun deem gesonden Zoustand vun eisen öffentleche Finanzen. Déi uerdentlech Recetten decken net nëmmen déi lafend Dépensen, mä si erlaben et och, den Total vun den Dépenses en capital ze decken, an och nach substantiell Dotatiounen an den Investitiounsfongen ze tätegen. D'Scholdelaascht ass niddreg mat 28 Milliarden. Si ass zum Deel gedeckt mat 17 Milliarden, dat heescht, dass d'Schold en fin de compte sech op eng ronn 10 Milliarde reduzéiert, wat en terribel klenge Prozentsaz ass par rapport zum PIB. Derbäi kommen d'Reserven, déi an deene ville Fongen ugeluegt sinn.

D'Finanzkapassitéit vum Stat, déi u sengem Solde financier muss gemooss ginn, ass largement excédentaire. Finanz- a budgetspolitesch stinn also d'Zeechen op Kontinuitéit, eng Kontinuitéit, déi och am Koalitiounsaccord zréckbehale gi war.

Et gëtt just ee Punkt, wou dëse Budget sech vu senge Virgänger ënnerscheet. Nei ass, dass beim Opstelle vum Budgetsprojet op der Säit vun den uerdentleche Recetten eng manner verhalen Aschätzung gemaach ginn ass, wéi dat an deene leschte Joren de Fall war. Ob dës méi gewoten Aschätzung zréckzeféieren ass op d'Kritik, déi an deene leschte Joren a Bezuch op

d'Aschätzung vun de Recettë vum Stat gemaach ginn ass, oder ob de Fait, dass bei gläicher Evaluatiounsmethodik, wa mer déi dëst Joer bäibehalen hätte wéi an deene Jore virdrun, mer trotz Déchets fiscaux dann zu enorme Plus-valuë komm wären, ass schlussendlech egal. D'Haaptsaach ass, dass mer eng Véridicité budgétaire kréien an zu esou enger kommen, déi dësen Numm verdingt.

De Budgetsminister huet d'lescht Woch op dëser Tribün gesot, dass d'Aschätzung vun de Recettë keng prezis Wëssenschaft ass. Ech wëll drun erënneren, dass an deem Kontext d'Chambre des Employés privés an hirem Avis schreift, dass u sech jiddereen d'lescht Joer bei der Aschätzung derniewent geleeën hätt, well keen hat deen héije Wirtschaftswuesstum, dee mer an dësem Joer kennen, virausgesinn. Et konnt och keen e virausgesinn, och heibannen net. Ech ka mech net erënneren, trotz alle Kriticken, déi bei de Budgetsdebatten d'lescht Joer waren, dass hei der Regierung virgeworf gi wär, si hätt an deem Mooss de Wirtschaftswuesstum ënnerschat, wéi en effektiv sech herno erausgestallt huet.

De Budgetsminister huet d'lescht Woch d'Démarche vun der Regierung erkläert. Et ass gekuckt ginn, wat d'Evolutioun vun den Haapteinnahmeposte vun deene leschte Jore war, virun allem bei de Steieren, der TVA. Op där anerer Säit gouf déi gutt wirtschaftlech Entwécklung gekuckt, woubäi dee favorable Scénario, dee mir am Programme de stabilité virgesinn haten - do waren dräi Scénarioen entwéckelt ginn - zréckbehale ginn ass, fir dann zu engem Resultat ze kommen, wat bei de Recettes ordinaires eng Steigerung vun iwwer 13 %, trotz den Déchets fiscaux, mat sech bréngt a bei den Dépensen 9 %.

Wann Der d'Avië liest an notamment dee vum Statsrot, gesitt Der, wann ee bësse manner virsiichteg a bësse méi hardi bei der Aschätzung vun de Recettë virgeet, dass ee ganz séier riskéiert et och erëm falsch ze maachen. De Statsrot hieft schonn esou hallef de Fanger a seet: Passt awer op, wat Dir maacht. Dir däerft net zevill wäit goen, ze euphoresch d'Aschätzunge virhuelen. Ech mengen awer, dass opgrond vun deenen Donnéeën, déi eis virleien, déi Aschätzung, déi dëst Joer gemaach ginn ass, plus ou moins deem kënnt entspriechen, wat och schlussendlech erauskomme wäert.

Op der Ausgabesäit gëtt sech un deene bekannte Parametere gemooss, fir d'Ausgaben ze chiffréieren, de Wirtschaftswuesstum an d'Entwécklung vun der Inflatioun. Et muss een hei gesinn, dass dës Budgetspolitik, déi iwwregens an deene leschten dräi Koalitiounen och ëmmer gemaach ginn ass, fir d'Ausgaben um Wirtschaftswuesstum an un der Inflatioun ze moossen, dass déi contraire ass zu deem wat zum Beispill an der Zäit vun der sozial-liberaler Koalitioun gemaach ginn ass, wou u sech d'Dépensen no de Recetten ausgeriicht goufen. Esou eng Method ka kuerzfristeg reng rechneresch opgoen, ass awer eng Method, déi kaum eppes mat Virsiicht a mat Zukunftsgestaltung ze doen huet.

D'wirtschaftlecht Ëmfeld, européesch an national gesinn, an deem sech d'Eckwäerter vun dësem Budget aschreiwen, ass gutt bis excellent. De Wuesstum an der Européescher Unioun ass robust, och wann et Ënnerscheeder tëschent deenen eenzelne Länner gëtt. D'Kommissioun rechent e Wuesstum vun 3 % an der Unioun aus. 2,5 % Inflatioun. Bei eis wäert dat natierlech nees eng Kéier vill méi héich leien. Och wa mer un d'Rekorder vun dësem Joer net méi wäerten erukommen, esou kann een dach awer ënnert dem Strëch vun engem Wuesstum vu ronn 6 % ausgoen. D'Dynamik am Finanzsecteur, d'Performancen an der Industrie a besonnesch an der Sidérurgie, d'Zouwuessen am Bausecteur an am Commerce, 5,6 % méi Aarbechtsplazen an deenen éischten aacht Méint, alles dëst sinn Elementer, déi drop hiweisen, dass dat héicht Wuesstum zu Lëtzebuerg unhält, a bei wäitem méi héich ass a bleift wéi am Rescht vun der Unioun.

D'Maîtrise vun den öffentlechen Ausgaben, déi nëmmen, wéi ech dat virdru gesot hunn, däerfe wuessen an der Gréissenuerdnung vum mëttelfristege Wuesstum vun der Ekonomie plus déi viraussiichtlech Inflatioun, ass en Haaptpilier vun enger virsiichteger Finanzpolitik. Mir stelle fest, dass dëse Grondprinzip an dësem Budget respektéiert gouf, och wa mir eis net méi, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war - a mir hate jo heroesch Diskussiounen ëmmer vun dëser Tribün aus -, akribesch genau un eng reng theoretesch Norme budgétaire klammeren.

Ech kéim gläich dann zu e puer vun de Schwéierpunkter vun dësem Budget, de Steieren. Mä et wäert bei de Schwéierpunkter dëst Joer och goen, wéi dat all Joer hei geet. D'Oppositioun wäert net déi richteg Akzenter an dësem Budget gesinn a wäert versichen, iwwert de Wee vun Amendementer hir Prioritéiten duerzeleeën. Dogéint ass u sech och näischt anzewenden. Dat ass normal, dat ass gutt. Da kann een d'Iddië matenee konfrontéieren. Eis Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun hunn an der Finanzkommissioun ewell eng Rei vun Amendementer presentéiert, déi se am Kader vun dësen Debatte sécher nach wäerte virstellen. Ech denken, den Här Krecké wäert dat iwwerhuelen, an dofir wëll ech de Moment net am Detail drop agoen.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Dir hätt se sollen un de Statsrot weiderginn.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Et gëtt gutt Ursaachen, Här Bodry, firwat mer se net un de Statsrot weidergereecht hunn, an ech wäert och gläich dorop zréckkommen.

Ech wëll do e Wuert iwwert de Prinzip soen. Hei gi méi substantiell Steiererliichterunge gefrot, wéi d'Regierung dat proposéiert. Et gëtt méi Personal fir d'Fleegeversécherung gefrot, méi héich Subsidië fir d'Amiperas a fir de Foyer de la Femme. Dat ass natierlech alles schéin a gutt. Mir kënnen och där Amendementer abréngen. Jidder Fraktioun heibanne kann där abréngen, mä d'Fro ass déi, wéi déi Amendementer solle finanzéiert ginn.

Ech weess et net, an ech denken, dass d'Kolleegen ons dat herno soe wäerten. Déi Amendementer, déi an der Budgetskommissioun presentéiert goufen a Bezuch op d'Steieren, déi sinn awer substantiell. Dat geet déif an d'Keess. Ech wëll emol ofwaarden, wéi den Här Krecké de Käschtepunkt vun deenen Amendementer chiffréiert, mä ech kënnt mir awer zum Beispill virstellen, wann een e Verglach wéilt huelen, dass de Käschtepunkt vun deenen Amendementer de gréissten Deel vun deenen Dotatiounen, déi d'Regierung an dësem Budget un d'Spezialfonge gemaach huet, géif opfriessen, wann een d'Amendementer an de Käschtepunkt vun den Amendementer géif géigefinanzéieren duerch aner Gelder, déi an dësem Projet virgesi sinn.

D'Regierung huet jo och Steierreduktioune proposéiert, déi ronn 8, 8,5 Milliarde fir d'nächst Joer ausmaachen. Déi 8 Milliarden, déi huet d'Regierung net méi, fir Akzenter ze setzen an deene villen Domäner, déi an deenen nächsten Deeg op dëser Tribün opgeworf gi wäerten, wou gesot gëtt, dass mer Nohuelbedarf hunn, dass Noutwendegkeeten do sinn. Ech kënnt, wann ech e Beräich huelen, dee mir um Häerz läit, den Domaine social zitéieren, d'Assistance vum SCAS bis hin zur Promotioun vun de landwirtschaftleche Produkter, déi dem Här Clement terribel um Häerz läit. Alles dat si Saachen, déi selbstverständlech gutt sinn, déi gemaach kënnte ginn, mä wou een awer op där anerer Säit muss wëssen, wann ee weider Gelder ausgëtt, da musse se op där anerer Säit iergendwou hiergeholl ginn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Wou kommen dann déi Suen hier, wou d'Regierung elo schonn ugedeit huet, dass se géing d'Betribssteier vu 37,45 op 30 % erofsetzen, wat eng Reduktioun vun 20 % ass? Hutt Der d'Regierung gefrot, wou se déi Sue siche geet?

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Mä, Här Krecké, dat musse mer gesinn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Aha, bei der Regierung musse mer gesinn!

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Neen, wann d'Regierung dat d'nächst Joer maache wäert, da muss d'Regierung hei ee Budget presentéieren, deen, esou wéi mir dat gesinn, am Equiliber ass, wou deem Rechnung gedroen ass, an dann däerfen eng Rei vu Saachen net méi gemaach ginn.

D'Regierung huet hei verzicht op 8 Milliarde Steiereinnahmen. Zum Beispill kritt de Fonds pour la protection de l'environnement nëmmen 1,3 Milliounen Euro supplementar Dotatioun, well d'Regierung ënner anerem déi Steierreduktioune gemaach huet. De Fong fir d'Infrastructures socio-familiales kritt nëmmen 0,5 Milliounen Euro un Dotatioun, well mer hei Steiererliichterunge maachen an déi Gelder net méi hunn. An dofir muss d'Regierung hei Ried an Äntwert stoen, wa se dat mécht. Si muss hei soen, firwat dass se dat eent mécht an do derniewent eppes anescht net méi ka maachen. Mä wann d'Oppositioun eis hei Amendementer presentéiert, a speziell wa se d'Milliardenhéicht erreechen, da muss awer och d'Oppositioun eis soen, wou se op där anerer Säit déi Gelder dann hierhuele geet, well soss geet de Budget net méi op, à moins dass een e Budget, deen am Déséquilibre ass, géif a Kaf huelen. Bei deene Propositiounen, déi virleien an déi eis Milliarde kaschten, stellen ech d'Fro: Géifen d'Sozialisten d'Investitiounsfonge manner dotéieren, a wa jo, wéi eng Investitiounsfongen? Géif am Sozialberäich manner gemaach ginn? A wa jo, wou dann? Géif am Schoulberäich gespuert ginn? A wa jo, op wéi enge Posten dann?

Dat wat ech soen, Här President, un d'Adress vun de Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun, dat gëllt net nëmme fir si, dat gëllt och fir eis, an dat gëllt fir all Fraktiounen heibannen. Dee Moment, wou ee weider Gelder ausgëtt, muss een och soen, wou een se hierhëlt. Geld gëtt een nëmmen eemol aus. All Frang kann nëmmen eemol ausgi ginn. A wann en ausginn ass, dann ass e fort. Or, wann hei sollen Ëmschichtunge gemaach ginn, méi Steiererliichterunge wéi dat, wat bis elo geplangt ass, da feele Gelder wa mer de Budget wëllen am Equiliber halen, an da muss een, wéi gesot, op där anerer Säit och soen, wou een dann déi Suen aspuere geet.

Ech kommen dann zu engem vun de Schwéierpunkten, de Steiererliichterungen. Ech wëll net méi op déi Diskussioun zréckkommen, déi mer de Summer haten, fir hei ze wëssen, wien de Mérite un deene Steierreduktiounen huet. Dat war eng Diskussioun, déi, mengen ech, kee Glanzstéck war. Et ass en fin de compte egal.

D'Leit interesséiert, dass d'Steiere reduzéiert ginn. Wat d'Leit interesséiert, dat ass, wéivill dass se reduzéiert ginn. A wat, le cas échéant, d'Leit interesséiert, dat ass, Här President, wéivill dass dës Regierung, dës Majoritéit, se reduzéiert, a wéivill gegebenenfalls, wann d'Kolleege vun de Sozialisten nach an der Regierung wären, wéivill d'Sozialiste se reduzéiert hätten. Dat ass dat wat d'Leit interesséiert, an net wien à l'origine ass vun dësen Erliichterungen.

D'Grënn fir elo zu dësen Erliichterungen ze kommen, Här President, déi kenne mer: d'Net-Upassung - ech ginn dat gär zou - vun der Steiertabell, dann déi gutt wirtschaftlech a finanziell Eckdaten an zulescht d'Froe vun der Standortpolitik, déi mir net däerfen aus den Ae verléieren. Mir däerfen net aus den Ae verléiere wat rondrëm eis geschitt, wa mir am Steierberäich aktiv ginn.

Entlaascht gi fir d'nächst Joer d'Privatpersounen, dat Joer drop d'Betriber an dann nach eng Kéier d'Privatpersounen. Dat ass e Volume vu ronn 26 Milliarden a profitéiere wäert jiddfereen dee Steiere bezillt, an dat an engem respektabele Mooss. Am Joer 2001 läit den Entlaaschtungsfacteur géintiwwer deem heitegen Taux zwësche 7,8 % an 100 % an 2002 zwësche 17,6 % an 100 %. Ech ginn awer gär zou, datt ee mat esou Prozentsätz net alles beweise kann, an datt ee muss konkret gesinn, wéi dat sech an deenen eenzelnen Tranchen auswierke wäert.

Eescht Kritik - muss ech soen - hunn ech un deene Propositiounen, déi hei vun der Regierung virleien, net gesinn. Déi eenzel Avie si plus ou moins an hirer duerchschnëttlecher Bewäertung positiv. Eng Haaptkritik oder -argumentatioun koum gläich no der Presentatioun vun de Propositioune vun der Säit vun de sozialistesche Kolleegen, déi d'Fro gestallt hunn, wéi et mat de Kompensatiounsmoossnamen ass zu Gonschte vun deene Leit, déi keng Steiere bezuelen.

D'Sozialisten hu sech do - dat ass verständlech an ech denken, datt mir dat och gemaach hätten - un d'Situatioun vun 1991 ugelehnt, wou mir am Cortège vun där grousser Steierreform eng Partie Mesuren um soziale Plang - Mindestloun a Familljenzoulagen - geholl hunn. An deem Sënn sinn déi Propositiounen, Här President, den Här Lux erlaabt mer dat ze soen, u sech net extrem originell, mä si sinn awer - an dat ginn ech gär zou - adaptéiert.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Si sinn och logesch.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Jo, si sinn och logesch, wann Dir deen Terme wëllt gebrauchen. Allerdéngs wëll ech soen, datt d'Kolleegen awer do zum Deel wéinstens oppen Diren arennen. Ech hunn dat schonn hei gesot. Wéi wäit datt d'Diren op waren, wäerte mir en fin de compte gesinn, wa mir déi eenzel Propositioune virleien hunn.

De Mindestloun gëtt fir den 1. Januar vum nächste Joer ëm 3,1 % adaptéiert. D'Kannergeld gëtt d'nächst Joer gehéicht. Mir wäerte mat engem Projet vun der Familljeministesch hei befaasst ginn, wou ech denken - ech weess et net honnertprozenteg -, datt sech net nëmmen op d'Kannergeld wäert beschränkt ginn. Ech ka mir virstellen, datt nach eng Rei vun anere Familljenallocatioune mat abezu wäerte ginn, esou datt dat alles u sech näischt Neies ass.

Ech wëll soen, Här President, datt d'Kannergeld an de Mindestloun wäerte kommen an de Mindestloun 2003 selbstverständlech nach eng Kéier, esou datt mir en fin de compte mat engem Joer Retard op deem sinn, wat den Här Lux proposéiert. Loosse mer éierlech sinn. Dir proposéiert eng volontaristesch Augmentatioun vun 3,5 %, déi sech géif op dat grefféieren, wat déi normal Evolutioun vun de Léin a vun de Gehälter géif mat sech bréngen. Ech wëll lech soen, datt mir dat net maache wäerten, well mir hei eis Betriber och net wëllen zevill belaaschten.

Ech hat mir dat nach eng Kéier ugekuckt, wou 1991 déi 7,5 % Augmentatioun vum Mindestloun deemools gemaach gi sinn. Mir streide vläicht nach spéiderhin iwwert d'Mooss, inwiefern et sech hei ëm e Rattrapage vun der Evolutioun vun de Léin an de Gehälter gehandelt huet, an inwiefern e volontaristescht Element deemools an deene 7,5 % dra war oder net.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- War eent dran oder net? Ech kann lech soen, datt eent dra war.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech hunn d'Texter vun deemools nogelies a wann een d'Documents parlementaires studéiert, da gesäit een, datt vun deene 7,5 % der 7,45 - also 7,5 minus 0,05 - volontaristesch gewiescht wären an de Rescht wär op d'Evolutioun an op deen neie Mechanismus, dee mir deemools agefouert hunn, zréckzeféieren.

Déi Augmentatioune vu 86 an 89 waren u sech nëmme forfaitaire, well deemools eng ganz Period vu 84 op 89 gekuckt ginn ass, fir deen do Mindestloun auszerechnen. D'Documents parlementaires renseignéieren dat. Ech baséiere mech mol op d'Elementer déi ech an deenen Dokumenter fannen, fir ze soen, datt sech och deemools dat volontaristescht Element op engem ganz déiwen Niveau - zumindest laut Document parlementaire - befonnt huet.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Haut schreiwe se, datt déi 3,1 % souguer eng sozial Moossnam zu der Steierreform sinn. Esou steet et am Exposé des motifs.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech wëll dem Här Lux soen, datt ech net zoustänneg si fir alles wat an den Documents parlementaires an an den Exposés des motifs vun eenzelne Projeten drasteet.

(Interruptions)

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Mir sinn awer fir alles zoustänneg wat den Här Goebbels seet, mä Dir sidd mol net zoustänneg fir Är Ministeren!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, ech hunn de Sozialisten hei mol iwwerhaapt näischt virgeworf. Ech hunn hei nëmmen eng Ausso zitéiert vum fréiere Spëtzekandidat. Ech hunn extra fréiere Spëtzekandidat gesot. Ech hunn eng Ausso vum fréiere Spëtzekandidat vun de Sozialiste kommentéiert, bei deem ech

ëmmer ausgemaach hunn, datt en eppes géint d'Auswucherunge vum Grousskapital hätt, an en fait stellen ech fest, datt dat net de Fall wäert sinn.

Ech muss soen, Här President, et ass eng Remarque déi mech gestéiert huet. Et ass eng Remarque, déi ech och op der Säit vun de Sozialisten héieren oder gelies hunn, wou gesot ginn ass, datt déi Heizzoulag, déi d'Regierung décidéiert huet, u sech sozial Makulatur wär.

Ech muss soen, et mécht een de Geck net mat enger Moossnam, wéi déi vun der Heizzoulag. Et ass eng wichteg, eng ganz wichteg Fro fir e ganze Koup vu Leit déi mir hunn, an déi eis alleguer heibannen um Häerz läit. Dofir sinn ech och net frou - och wat d'Héicht ubelaangt, déi dës Zoulag anhëlt - iwwert esou Remarken.

Här President, ech wëll nach ee Wuert soen, wa mir scho vu sozialer Gerechtegkeet am Kontext vun der Steierpolitik schwätzen. No der Reform déi mir elo uginn, muss ee gesinn, datt zënter 1990 de Grondfräibetrag an der Steierklass 1 ëm ronn 220.000 Frang a bei bestuetene Leit, respektiv an der Steierklass 1A, ëm ronn 440.000 Frang an d'Luucht geet.

Dat bedeit konkret, datt déi allgemeng steierlech Fräibeträg ëm 130 % an där Zäit an d'Luucht gaange sinn. Dat ass eng substantiell Lockerung vun der Steiercharge, vun där jiddfereen, an notamment d'Klengverdénger, profitéiert. Et ass dat och e konkreten Ausdrock vu Steierpolitik mat sozialem Aschlag.

D'Regierung proposéiert elo fir de Grondfräibetrag op 390.000 Frang an d'Luucht ze setzen. Domat ass och den RMG, mat Ausnahm vun der Klass 1, de soziale Mindestloun steierfräi, woubäi bei der Klass 1, bei de Jonggesellen, ab 2001 déi wéinegst Mindestlounbezéier nach däerfte Steiere bezuelen, well iwwert de Wee vun den Ofschreiwungsméiglechkeeten - der Kilometerpauschal - wäerte se ënnert dee Betrag falen, deen elo arrêtéiert ginn ass.

Une voix.- Schwätzt Dir vum RMG oder vum Salaire minimum?

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Vum Salaire minimum. Déi falen ënnert déi Ofschreiwungsméiglechkeeten, esou datt ganz wéineg Leit vum Mindestloun ënnert d'Besteierung fale wäerten.

Déi substantiell Erhéijung vun de Steierfräibeträg, d'Uniformiséierung vun deenen eenzelnen Tranchen, d'Zréckféierung vum Héchststeiersaz vun 42 % op 40 % an duerno op 38 %, alles dat mécht ënnert dem Strréch en netto Entlaaschtungseffet fir jiddfereen.

Ech wëll soen, Här President, datt et bei dëser Reform, oder bei dëser Adaptatioun, dräi Prémissë gi sinn. Et gouf fir d'éischt d'Fro iwwert d'Nécessitéit vun enger substantieller Befreiung vun deem klengen Akomme vun der Steier, esou wéi ech dat elo grad beschriwwen hunn. Da gouf et d'Noutwendeg vun der Senkung vum Héchststeiersaz ënner 40 %, dëst aus Grënn vu Visibilitéit, och vis-à-vis vum Ausland fir en Zeechen ze setzen. Drëttens, an dat ass ee vun den Haaptpunkten, gouf e budgetäre Kader gesat an deen et gegollt huet net ze sprengen.

Ënnert der Berücksichtegung vun dëse Bedingunge sollt eng méiglechst breet Entlaaschtung erbäi gefouert ginn. Ech mengen dat wär eis gegléckt. Ech wëll zu deene Propositioune soen, déi eis vun der Säit vun de Sozialiste virleien, datt déi Alternativtabell, déi do proposéiert gëtt, ganz sécher eng propper Tabell ass, déi fachmännesch opgestallt ass. Mat där kéinte mir och en tant que telle liewen, mä de Problem ass deen, datt bei deene Propositiounen déi Prémisse, déi mir eis als Majoritéit an d'Regierung sech gesat haten, vun engem Héchststeiersaz vun ënner 40 %, selbstverständlech net respektéiert gëtt, well mir doran eng Noutwendegkeet gesinn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Dir schéngt méi ze wësse wéi ech!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, neen. Ech weess wierklech net wat déi Steierpropositiounen eis hei en fin de compte kaschten. Ech ginn awer dovun aus, datt et mindestens dat ass, wat schonn ugedeit ginn ass. Nämlech, datt et sech mindestens ëm zwou Milliarde géif handelen.

Wann dat de Fall soll sinn - zwou Milliarde supplémentaire Entlaaschtung par rapport zu deem wat mir proposéieren -, da muss ee soe wou een déi hierhëlt. Mir kënnen eis et net esou einfach maachen, andeems mir elo soen, datt mir op der Recettësäit spille mussen. D'Recettësäit ass eng Saach. Déi hu mir arrêtéiert. Wa mir am Kader vun dësem Budget zu zwou Milliarde weider Entlaaschtunge kommen, da musse mir soe wou mir op där anerer Säit Aspuerunge virhuele sollen.

Da wollt ech nach eng Remarque maachen zu deene Propositiounen, fir elo hei deeselwechte Mechanismus anzeféieren, wéi mir deen 1998 gemaach haten à propos vum RMG, wou mir e bis op 360.000 Frang steierfräi gemaach haten. Dat gëtt elo proposéiert fir och hei beim soziale Mindestloun ze maachen, bis op d'Héicht vu 465.000 Frang.

Mir denken net, datt et eng gutt Léisung wär, well et gi jo Grënn, firwat datt mir d'Léisung vun 1998 ofschafe wëllen. Well wann een eng Kéier bis 1.000 Frang méi verdéngt huet, da fällt ee mat deem Mechanismus an deen alen tarifairë Berechnungsmodus zréck. Dat géif eis d'selwecht geschéie bei dëser Propositioun, dofir ass dat eng op déi mir net wëllen agoen.

Ech wollt e Wuert zu der Negativsteier soen. Ech iwwersprangen dat awer, Här President, well ech wollt zum Ofschloss nach e puer Remarke maachen, wat een och a Bezuch op dëse Budget an op d'Steierpropositioun, déi dës Regierung gemaach huet, vun der Säit vun der Oppositioun héieren huet, wou d'Kolleege gesot hunn, et géif een hei eng gewësse sozial Keelt bei der Politik vun der Regierung ausmaachen.

Ech muss lech soen, an Dir wäert dat verstoen, datt mir mat esou enger Approche net kënnen d'accord sinn. Zum Beispill de Sozialbudget wäert wuessen, a wiisst an dësem Budget, esou wéi dat an deene leschte Joren, bal Jorzéngten, ëmmer de Fall war. E wiisst grad esou staark wéi en dat an der leschter Legislatur gemaach huet.

Mä ech ginn awer gär zou, Här President, datt dës Regierung an hir Majoritéit Schwieregkeeten huet, fir hiert soziaalt Häerz op déi Temperatur ze kréien, déi d'Sozialisten zënter hirem Untrëtt an d'Oppositioun, virun eppes méi wéi engem Joer, un den Dag leeën. Wann ech all Propositiounen huelen, déi bis elo gemaach gi sinn: Nach manner Steiere wéi mir dat proposéieren, méi Kannergeld, manner Participatioun un de Krankeleeschtungen, méi soziale Mindestloun, en dräizéngte Mount fir d'Rentner, strukturell Verbesserungen am Privatsecteur a méi RMG.

Dir gesitt, Här President, dat soziaalt Häerz vun eise fréieren a jetzege Kolleege schléit terribel aus an entwéckelt eng Temperatur, déi op en héicht Féiwer schléisse léisst.

Une voix.- Da sidd Dir e schlechten Dokter.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Jo? Wann ech dat do alles zesummerechnen, da fäerten ech géif en Diagnostiker hei zur Konklusioun kommen, datt en imminente Kollaps bevirsteet.

Eis Kolleege vun der sozialistescher Bänk bréngen et fäerdeg, fir banne kierzester Zäit méi sozial Iddien ze produzéieren, wéi an där ganzer leschter Legislaturperiod, wou si dach awer selwer mat um Hiewel soutzen.

Une voix.- Dir wäert gebremst hunn.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Neen, mir hunn ni am soziale Beräich gebremst a mir bremsen och haut net dran.

Här President, ech wëll awer e Leitartikel aus dem Lëtzebuerger Journal, fir de Kolleege vun der DP e Gefalen ze machen, vum leschte Freideg zitéieren, dee mir extrem gutt gefall huet an deen u sech d'fréier sozialistesch Ondugende gutt beschriwwen huet, wéi en am Kontext vun Aussoe vum honorabelen Här Krecké zum Budgetsrapport Folgendes gesot huet:

„Es behagt der alt-Eicher Rothaut nicht, dass der liberale Sprecher davor warnte, auch in Zeiten voller Kassen leichtfertig mit dem Geld umzugehen und damit die Zukunft zu verscherzen. Aber das ist echt sozialistische Machart: möglichst kurzfristig möglichst viel in den Konsum investieren, „an da sti mer mam Fanger am Mond do", pflegte Grossmutter zu sagen".

Ech muss soen, dass, obschonns et humoristesch geschriwwen ass, hei awer dach de Leitartikler den Nol op de Kapp getraff huet . . .

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Virun engem Joer hätt Der net vill vum Här Roemen sengen Aussoe gehalen!

(Interruptions)

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Ech hunn der nach ni vill zitéiert. Ech hunn awer gemengt, Här President, déi do kënnen ze zitéieren, well ech se dach relativ léif fannen à l'adresse vum Chef vun der Oppositioun.

(Interruption)

Ech kann lech eent mat Sécherheet soen, Här President, dass dës Regierung an dës Majoritéit keng Politik wäert bedreiwen, déi eis um Enn vun dëser Legislaturperiod mam Fanger am Mond do stoe léisst. Ech kann lech grad sou sécher soen, dass dës Koalitioun mindestens sou e soziaalt Häerz wéi hir Virgängerin wäert hunn an datt eis sozial Phantasie grad sou ausgeprägt wäert sinn wéi an der leschter Legislaturperiod.

D'Mindestléin, d'Renten an d'Pensioune ginn adaptéiert an ajustéiert. D'Kannergeld wäert erhéicht ginn an am Beräich vun de Renten a Pensiounen am Privatsecteur wäert och gehandelt ginn. Dat awer eréischt, wann d'Etüde vum BIT um Dësch leien, wann zousätzlech Froen, déi mer gestallt hunn, beäntwert sinn, a wann de ronnen Dësch iwwer déi ganz Problematik diskutéiert huet.

Mir bleiwen derbäi, dass een am Rentewiesen déi richteg Approche muss wielen. Falsch ass et, op Grond vun enger Momentanopnahm Décisiounen ze huelen, déi an Zukunft riskéieren, d'Schëff un d'Wackelen ze bréngen. Et ass eng falsch Annahm fir nëmmen ze gesinn, dass haut d'Pensiounskeese gutt gefëllt sinn an dorauser d'Recht op e staarke Grëff an d'Reservekëscht ofzeleeden.

Mir hunn eng aner Approche. Mir gesi virun allem déi mëttel- a laangfristeg Ofsécherung. Wann déi garantéiert ass an de Sputt grouss genuch ass, da wäert et an da kënnt et, Här President, wann dat dann d'Resultater vun den Etüde wäerte sinn, och zu Opbesserungen a Verbesserungen am Privatsecteur.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot, wëll ech ofschléissend soen, dass dëse Budget an eisen Aen déi richteg Akzenter zur richteger Zäit setzt, dass et e gudde Budget ass, och wann net all déi Wënsch, déi jiddferee vun eis - an eiser Fraktioun a wahrscheinlech och an deenen anere Fraktiounen - huet, konnte berücksichtegt ginn, well en eben aner

Prioritéite setzt. Mir mengen trotzdem, dass et e gudde Budget wier, e Budget fir d'Zukunft an dofir stëmme mer dëse Budget.

Ech soen lech merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Krecké agedroen.

Ech gesinn, d'Mme Minister Erna Hennicot-Schoepges hätt gär d'Wuert.

6. Dépôt d'un projet de loi

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Merci, Här President! Ech sinn duerch Arrêté vum 23. November vum Grand-Duc autoriséiert, de Projet de loi ze déposéieren iwwert de Réaménagement vun der Kräizung vun der A4 op d'Märeler Strooss:

- projet de loi 4738 relatif au réaménagement du carrefour formé par l'A4 (route d'Esch-sur-Alzette à Luxembourg) et la rue de Merl moyennant construction d'un giratoire avec passage souterrain à 4 voies.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch d'Bauteministesch, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert.

7. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 *(Suite)*

Discussion générale (Suite)

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Budget hei, laut den Assoe vum Rapporteur, sollt u sech historesch sinn.

Dat eenzegt Historescht, wat ech konnt feststellen, ass dass en zoufälleg op d'Joer 2000 fält. Well dat vläicht e bësschen e symbolesche Charakter huet, kann en doranner Recht hunn. Dass en awer elo historesch wär, nëmmen doduerch dass en elo endlech an Euro ausgedréckt ass, do muss ech soen, dass dat mer awer nu wierklech net duergeet.

De Verglach, dee mer ustellen - Dir hutt et selwer gesot - mat deenen Zuele vu virdrun ass schwéier, ass a mengen Aen zu dësem Zäitpunkt nach net noutwendeg gewiescht, well ee sech nach net dru gewinnt huet, fir an Euro ze denken am Moment. Elo kann ee soen: Mir wëllen lech esou wäit kréien, fir an Euro ze denken. Mä, Här Minister, ech wëll lech soen, et gëtt e gutt Beispill an dat ass d'Stad Lëtzebuerg. Déi hunn hire Budget och an Euro ausgedréckt, mä se hunn en dernieft och nach eng Kéier a Lëtzebuerger Frang gemaach, fir dass e bëssche méi Kloerheet herrscht an de Chifferen an een net bei all Zuel muss d'Maschin huelen, fir nozerechnen an de Verglach ze maache mat deem, wat virdru geschitt ass.

Wann dat d'nächst Joer de Fall ass, da wësse mer, dass definitiv Schluss ass mam Lëtzebuerger Frang an da versteet een dat och éischter. Hei géif ech soen, dass Der souguer a Contradictioun sidd mat deem, wat Der selwer an enger Brochure - Préparation des Administrations publiques luxembourgeoises à l'introduction de l'Euro - gesot hutt. Et ass vun lech oder vum Finanzminister - ech weess dat net méi sécher - signéiert. Do steet: „Les traitements et les comptes internes des administrations restent en luf jusqu'à la fin de cette phase." Bon, Dir hutt elo décidéiert, dat anescht ze maachen . . .

(Interruption)

Jo, ech géif och soen, dass dat just an de Beräich vum Gadget anzestufen ass a mat Sécherheet keen historesche Moment ass. Här Graas, do sidd Der wahrscheinlech mat mir d'accord.

Historesch hätt e kënne sinn, well et deen éischte richtege Budget ass, wann ee sou wëllt, vun enger neier Majoritéit, net méi en lwwergangsbudget. Et hätt kënnen e Budget sinn, wou ee gewisen hätt, dass dës Majoritéit aus dem Schlof erwächt ass an endlech aus de Startlächer ass. Mä ech muss soen, ofgesi vun deem, wat Der virleet um Niveau vun de Steierreduktiounen, entdeckt een nun awer wierklech näischt Historesches an Ärem Budget.

Wann ech dann op déi sougenannte Steierreduktioun kommen, dann ass dat jo e laange Leidenswee gewiescht, well et war jo am Fong geholl emol net de Wonsch vun dëser Majoritéit, fir dëst Joer Steierreduktiounen ze maachen. Hat se jo net an hire Regierungsprogramm extra ageschriwwen, dass se net dëst Joer, mä d'nächst Joer wéilt Steierreduktioune maachen? Hat se jo net beim Budget d'lescht Joer gesot, si wéilt u sech d'lescht an dëst Joer keng Steierreduktioune maachen, well se se am Joer 2002 wéilt maachen? Hat se jo dach net beim Débat iwwert den Etat de la nation gesot, dass se dat net wéilt?

(Interruptions)

Si hat gesot, si wéilt keng Steierreduktiounen dëst Joer maachen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Mir kënne se och zréckzéien, wa se lech ze schnell kënnt!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech ka jo net dergéint sinn, soss hätt ech net och selwer Steierreduktiounen deemools an haut virgeschloen.

(Interruptions)